LSAP

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 23. November 2021

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

An der Chamberssëtzung vum 16.11.2021 huet den Här Minister op eng mëndlech Fro vu mir mat: "Déi véiert Well geet net laanscht eis Schoulen (...) mee bei de Schüler souwuel am Fondamental wéi am Secondaire leie mir ënnert der Inzidenz vum leschte Joer" geäntwert. Dëse positiven Androck géifen d'Acteuren an der Schoul gär via konkret Zuelen bestätegt a reegelméisseg matgedeelt kréien. Wärend dem leschten Schouljoer gouf bekanntlech all Woch e Rapport iwwer d'Infektiounslag an de Schoule veröffentlecht.

An deem Zesummenhang wëll ech dem Här Educatiounsminister dës Froe stellen:

- Firwat gëtt et keen wëchentlechen Rapport méi doriwwer, wéi sech de Virus an de Schoule verbreet?
- E Rapport mat den aktuelle Covid-Zuelen sollt all Mount publizéiert ginn; kann den Här Minister mir soen, wou dëse Rapport drun ass, respektiv firwat ë nach net veröffentlecht ginn ass?
- Wéi hunn d'Zuele sech zënter der Rentrée pro Cycle entwéckelt; wéi steet een am Verglach zum leschte Joer do?
- A senger Äntwert de 26. November huet de Minister uginn, dass d'Impfung hir Wierkung weist; sou sinn d'Inzidenzen am Secondaire méi déif, wéi an der Grondschoul. Wier et an deem Kontext net méiglech, an engem wëchentlechen Rapport och den Taux vun net-geimpften a geimpfte Kanner unzeginn, déi um Covid-19 erkrankt sinn?
- Wéi vill verschidden Zenarien goufen et zënter der Rentrée am September an deene verschiddenen Alterskategorien?
- Gëtt iwwer weider Moossnamen an der Schoul nogeduecht, zum Beispill iwwert d'Maskeflicht?

Mat déiwem Respekt,

Francine Closener
Deputéiert